# In memoriam Antoine „Tun“ Steffen

Äddi Tun

Den Tun ass net méi ënnert eis.

Hien huet eis den 11. August am Alter vun nëmmen 69 Joer verlooss.

Hien ass gebuer den 23. Januar 1951 an hie war net nëmmen e Kolleeg, mee virun allem war hien e Frënd an e Militant, deen ëmmer zu senger Gewerkschaft stoung.

Egal wéini hie gebraucht ginn ass, war hie präsent an huet sech agesat am Interessi vun de schaffende Léit an virun allem och fir d’Pensionéiertenabteilung vum OGBL, déi hien och am Verwaltungsrot vun der Pensiounskeess vertrueden huet.

Donieft huet den Tun d’Sektioun Gemeng Suessem vum OGBL geleet an och Spriechstonnen am OGBL –Büro vun Zolwer ofgehalen.

Dem Tun war keng Stonn ze fréi oder ze spéit, fir eise Memberen ze hëllefen bei hiren alldeeglече Probleemer.

Och bei der portugisescher Populatioun vu Suessem war hien eng beléifte Persoun.

Säin Lieblingszäitverdreif war sécherlech mat hinnen Sueca ze spillen.

Merci Tun fir Däi laangjäregen Engagement a Solidaritéit a virun allem Merci fir Däi permanenten Asaz fir den OGBL.

Senger Fra a Famill drécke mir eist häerzlechst Bäileed aus.

Äddi Tun

**OGBL**
**August 2020**